N°1999
Entrée le 20.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 1999 vum honorablen Deputéierten Marc Goergen betreffend « Appel d'offres portant sur l'exploitation du réseau scolaire sud organisé par l'État ».**

Den honorablen Deputéierte freet a senger parlamentarescher Ufro Informatiounen iwwert déi rezent Ausschreiwung vum Ministère fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten (Referenz 2500356).

Dës Ausschreiwung betrëfft de Schülertransport am Süde vum Land, dee bis elo vum TICE assuréiert gouf.

Fir de Kontext ze verstoe muss ee wëssen, dass de Schülertransport an d'Lycéeën zu Lëtzebuerg gréisstendeels vum Staat gedroe gëtt, ausser an 10 Gemengen, déi sech finanziell dorunner bedeelegen. An den aner 90 Gemengen iwwerhëlt de Staat dës Käschten integral. Den TICE huet mech a sengem Bréif vum 4. Februar 2025 doriwwer informéiert, dass d'Membersgemengen vum Syndicat de Schülertransport net méi assuréiere kënnen. Dëst ass doduerch begrënnt gi well Upassunge vum Fuerplang den TICE virun eng grouss Erausfuerderung stellen an en sech nei organiséieren muss.

D'Ausschreiwung gëtt no enger „Procédure européenne ouverte" duerchgefouert, wéi och bei all aner Schülerbuslinnen an den 90 Gemengen am Land. Dës Method ass laut der entspriechender Directive obligatoresch. D'Ausschreiwung ass deemno och fir net-lëtzebuergesch europäesch Firmen op.

Fir 2025 krut den TICE vum Staat en Zouschoss vu 4.133.484 EUR (ouni TVA) fir de Schülertransport. D'Gemenge mussen zousätzlech finanziell Moyen opbréngen, fir dëse Service kënnen ze garantéieren. Dëse Chiffer beleeft sech fir d'Joer 2025 op 1.255.384,27 EUR (ouni TVA). De Schülertransport am Süde kascht de Staat an d'Gemengen also fir 2025 5.388.868,20 EUR (ouni TVA).

Lëtzebuerg, den 20. März 2025

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes